N°1072
Entrée le 30.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.07.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

De Krich a Palästina riskéiert nei Dimensiounen ze kréien. Gëschter huet den türkesche President Israel mat enger militärescher Interventioun gedrot. Israel huet sengersäits gefuerdert, d'Tierkei aus der NATO auszeschléissen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat wären d'Implikatiounen fir d'NATO, am Fall wou d'Tierkei géif militäresch an Israel intervenéieren?
2. Wat wären d'Implikatiounen fir d'NATO, am Fall wou Israel géif den tierkeschen Territoire attackéieren?
3. Wéi positionnéiert sech déi lëtzebuergesch Regierung an dësem Konflik tëschent der Türkei an Israel?
4. Wéi ka verhënnert ginn, dass d'Türkei am Fall vun enger militärescher Interventioun op Informatiounen oder Ressourcë vun der NATO zeréckgräift?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten